



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le **31 AOUT 2021**

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4760 du 27 juillet 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la problématique des trains supprimés, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,
op d'parlamentaresch Fro N° 4760 vum 27. Juli 2021 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen
iwwert d'Problematik vun de suppriméierten Zich**

- 1) *Iwwer wéi vill asazbereet Lokomotive verfüügt d'CFL am Persounentransport? Iwwer wéi vill asazbereet Waggonen verfüügt d'CFL am Persounentransport? Kann den Här Minister an deem Sënn eng Tabell, mat de follgenden Donnéeë presentéieren: Ëm wéi eng Modeller vu Lokomotiven handelt et sech, iwwer wéi eng Energieform ginn se bedriwwen a wéi vill Waggone kënnen se maximal zéien, respektiv drécken? Iwwer wéi eng Modeller an Unzuel vu Waggone verfüügt d'CFL a wéi presentéiert sech d'Kapazität vun deenen eenzele Modeller?*

De Park u Rullmaterial vun den CFL besteet engersäits aus klassesche Lokomotive mat Voituren, anerersäits aus Automotricen. Déi aktuell CFL Automotrice bestinn jee weils aus 2 oder 3 esou genannte Këschten. Fir e méiglechst komplett Bild ofzeginn, sinn am folgenden Tableau esouwuel d'Lokomotive mat Voituren ewéi och d'Automotricen opgefouert:

<i>Model</i>	<i>Unzuel un Automotrice respektiv u reversibel Zich bestoend aus Lokomotive mat Voituren</i>	<i>Energie</i>	<i>Unzuel u Këschten, respektiv u Voituren</i>	<i>Méiglech maximal Zuel u Voituren déi kënnen gezunn respektiv gedréckt ginn</i>	<i>Gesamtkapazität u Sëtzplazen</i>
Automotrice vum Typ Z2 – Baurei 2000	21	Elektresch	2	NA	3 528
Automotrice vum Typ TER2Nng – Baurei 2200	21	Elektresch	3	NA	6 783
Automotrice vum Typ Kiss – Baurei 2300	21	Elektresch	3	NA	6 502
Reversibel Zich bestoend aus Lokomotive mat duebelstäckge Voituren *	20	Elektresch	3 bis 6	10 Voituren	10 256

*CFL verfüügt insgesamt iwwert 87 duebelstäckge Voiture vum Typ DOSTO (Doppelstockwagen) vum Konstrukteur Bombardier. Dës 82 Voituren deele sech op an 20 Steierkäpp, 15 Voiture mat éischt- an zweet Klass Kompartimenter a 52 Voiture mat exklusiv nëmmen zweet Klass Kompartimenter.

Déi reversibel Zich ginn entweder vu Lokomotive vun der Baurei 3000 vum Konstrukteur Alstom oder vun der Baurei 4000 vum Konstrukteur Bombardier assuréiert.

Wat d'maximal Zuel u Voituren déi kënnen gezunn, respektiv gedréckt ginn ugeet, ass ze präziséieren, dass den Tableau déi technesch Grenz duerstellt. Allerdéngs si Kompositiounen vun den Zich duerch d'Längte vun den Quaien begrenzt. Projete sinn am Lafe fir Quaien ze verlängeren an doduerch méi laang Kompositiounen bei verschidden Zich asetzen ze kënnen.

2) *Iwwer wéi eng Reserven un asazbereetem Rullmaterial verfüügt d’CFL, wann all d’Linnefuierplangméisseg gefuer ginn?*

D’Reserven un asazbereetem Rullmaterial wann all d’Linne fuierplangméisseg gefuer gi presentéiere sech folgendermoossen:

Model	Zuel u fuierplangméisseg agesate Gefierer pro Dag	Geplangte Reserve fir de Fuerbetrieb u Gefierer pro Dag	Geplangte Reserve fir Entretiensarbechten u Gefierer pro Dag
Automotrice vum Typ Z2 – Baurei 2000	16	1	4
Automotrice vum Typ TER2Nng – Baurei 2200	17	0	4
Automotrice vum Typ Kiss – Baurei 2300	17	0	4
Reversibel Zich bestoend aus Lokomotive mat duebelstäckege Voituren	16	1	3

3) *Kann den Här Minister élaboréieren, wéi eng Erweiderungen, respektiv Reduktioune vu Rullmaterial am Persounentransport bis 2030 bei der CFL virgesi sinn?*

D’CFL huet aktuell 22 Automotrice vun der Baurei 2400 an 12 Automotrice vun der Baurei 2450 vum Konstrukeur Alstom a Bestellung. Mat der Liwwerung vun dese neien Automotrice ginn d’Gefierer vum Typ Z2 – Baurei 2000 progressiv ausser Betrib geholl.

Laut dem aktuelle Planning sollen d’Automotrice vun de Baureien 2400 a 2450 téschent Februar 2023 an Abrëll 2025 geliwwert ginn:

- Am Joer 2023: 16 Automotrice vun der Baurei 2400;
- Am Joer 2024: 4 Automotrice vun der Baurei 2400 a 9 Automotrice vun der Baurei 2450;
- Am Joer 2025: 2 Automotrice vun der Baurei 2400 an 3 Automotrice vun der Baurei 2450.

D’CFL huet d’Méiglechkeet eng Optioun op d’Bestellung vun 20 weideren Automotrice vun de Baureie 2400 (11 Stéck) a 2450 (9 Stéck) anzeliisen. Am Laf vum Joer 2023 gëtt décidéiert, ob weider Automotrice vun dese Baureie bestallt ginn.

Laut aktuellem Planning entwéckelt d’Zuel vun den disponibele Sätzplaze sech bis zum Joer 2030 folgendermoossen:

Model	Gesamtkapazität u Sëtzplazen				
	2021	2022	2023	2024	ab 2025
Automotrice vum Typ Z2 – Baurei 2000	3 528	3 528	2 352	0	0
Automotrice vum Typ TER2Nng – Baurei 2200	6 783	6 783	6 774	6 756	6 753
Automotrice vum Typ Kiss – Baurei 2300	6 052	6 052	6 052	6 052	6 052
Reversibel Zich bestoend aus Lokomotive mat duebelstäckege Voituren	10 256	10 256	10 256	10 256	10 256
Automotrice vum Typ Coradia Stream High Capacity – Baurei 2400	0	0	5 344	6 680	7 348
Automotrice vum Typ Coradia Stream High Capacity – Baurei 2450	0	0	0	6 228	8 304
Total	26 619	26 619	30 778	35 972	38 713

4) Kann den Här Minister präziséieren, wéi sech d'Ursaache fir déi uewen zitéiert Ausfäll während de leschten 2 Joer am Eenzelen duergestallt hunn?

Bei Zichausfäll déi ënnert d'Kategorie "Non-disponibilité du matériel roulant" falen, ënnerscheeden d'CFL tëschent folgenden Ënnerkategorien:

- Planification des roulements de service/nouvelle planification;
- Formation des trains par les EF/UI;
- Problèmes concernant les voitures;
- Problèmes concernant les engins de traction;
- Autres causes liées au matériel roulant.

Am Joer 2019 huet d'Kategorie "Non-disponibilité du matériel roulant" mat effektiv 3 800 Suppressiounen, 35% vun der Gesamtzuel vun der Zichausfall op eisem Réseau ausgemaach, a fir d'Joer 2020 waren et mat 1 852 Suppressiounen, 33%.

Dobäi hunn d'Ënnerkategorien "Problèmes concernant les voitures" a "Problèmes concernant les engins de traction" 22% duergestallt an d'Ënnerkategorien "Planification des roulements de Service / nouvelle planification", "Formation de trains par les EF/UI" an "Autres cause liées au matériel roulant" hunn zesummen 13% vun der Gesamtzuel vun den Zichausfäll am Joer 2019 ausgemaach.

Am Joer 2020, hunn d'Ënnerkategorien "Problèmes concernant les voitures" a "Problèmes concernant les engins de traction" 30%, an d'Ënnerkategorien "Planification des roulements de Service / nouvelle planification", "Formation de trains par les EF/UI" an "Autres causes liées au matériel roulant" 3% vun der Gesamtzuel vun den Zichausfäll ausgemaach.

Et sief awer an deem Zesammenhang ze bemierken datt Gesamtzuel vun de Suppressiounen an der Kategorie "Non-disponibilité du matériel roulant" tëschend 2019 an 2020 ëm ronn 2 000 Ausfäll erof gaangen ass. Dës signifikativ Senkung ass op d'Tatsaach zeréckzeféieren datt duerch d'Onverfügbarkeet vum "Tour en fosse", wat d'Maschinn ass fir d'Rieder vun den Zich ze reprofiliéieren, vill Zich hu missten am Joer 2019 ausfale gelooss ginn. Während dem Ausfall vum "Tour en fosse" konnte nämlech d'Rieder, däre Profil ausser der Toleranz waren, net ofgedréint ginn. Doduerch waren d'CFL tëschenzäitlech mat engem Materielenkpass confrontéiert, sou datt

verschidden Zuchfaarten hu missen annulléiert ginn. D'CFL huet dës onzouverlāsseg Maschinn an Zwëschenzäit ersat a sech eng Réserve-Maschinn ugeluecht.

5) *Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng Zuchlinnen a Gare bis 2030 ausgebaut, moderniséiert oder stëllgeluecht solle ginn?*

Wat den Ausbau vum Streckenetz betrëfft ass et déi zweegleiseg Neibaustreck Lëtzebuerg – Beetebuerg laanscht d'A3 déi bis 2030 fäerdeg gëtt.

Bis 2030 ginn eng Partie Gare moderniséiert, ausgebaut oder kommen dobäi. Hei eng Oplëschtung den Zuchlinne no:

- Linn 10: Dummeldeng, Walfer, Luerenzweiler, Miersch, Schieren, Ettelbréck, Kautebaach, Kierf, Ëlwen;
- Linn 10a: Dikrech;
- Linn 10b: Woltz;
- Linn 30: Wecker, Mäertert, Waasserbëlleg;
- Linn 50: Kapellen;
- Linn 60: Beetebuerg (Voyageurs-Gare), Beetebuerg (Marchandise-Gare), Bierchem, Houwald, Lëtzebuerg);
- Linn 60a: Esch-Uelzecht (nei Gare Quartier Alzette);
- Linn 60b: Diddeleng-Biereng, Diddeleng-Usines;
- Linn 60f: Péiteng;
- Linn 60g: Rodange;
- Linn 70: Hollerech.

Doriwwer eraus wäerten Enn 2021 am Cader vum Plan national de mobilité 2035 (PNM 2035) zousätzlech Upassungen am Sënn vun enger nach méi attraktiver Offer vum ëffentlechen Transport am Allgemengen, an der Eisebunn am Speziellen, presentéiert ginn. De PNM 2035 ass zur Zäit nach an Ausaarbechtung.

6) *Kann den Här Minister elaboréieren, wéi vill zousätzlech Zuchverbindung mam Ausland bis 2030 sollen dobäi kommen an eng Opstellung vun deenen eenzelen Zildestinatiounen am Ausland, sou wéi den allgemengen Destinatiounen hei am Land presentéieren?*

De Moment si bis 2030 keng zousätzlech Zuchverbindung mam Ausland geplangt. Et wäerten awer mat den Autoritéiten an den Nopeschlänner op politeschem an op techneschem Niveau Gespréicher gefouert ginn mam Zil, zousätzlech international Direktverbindungen am Dag, grad ewéi Nuetszich unzebidden.

Aktuell kann een ab Lëtzebuerg-Gare folgend Zildestinatiounen ufueren:

Am Ausland:

Däitschland:

Koblenz, Düsseldorf a Saarbrécken (iwwert de Lëtzebuerg-Saarbrécken-Express mat Korrespondenz op eng Rei vun ICE-Zich a Richtung Mannheim-München).

Frankräich:

Metz, Nanzeg, Paräis, Montpellier, Marseille a Gare Lorraine TGV (iwwert de Gare Lorraine Express mat Korrespondenz op eng Rei vun TGV a Richtung Rennes, Bordeaux a Lille).

Belsch:

Liers a Bréissel.

Am Inland a Grenzgebitt:

- Linn 10: Lëtzebuerg – Dikrech – Wolz – Élwen – Gouvy;
- Linn 30: Lëtzebuerg – Waasserbëlleg – Tréier;
- Linn 50: Lëtzebuerg – Kléngbetten – Arel;
- Linn 60: Lëtzebuerg – Esch – Rodange;
- Linn 60a: Lëtzebuerg – Beetebuerg – Diddeleng –Wuelmereng;
- Linn 60b: Lëtzebuerg – Beetebuerg – Näerzeng – Rëmmeleng;
- Linn 60c: Lëtzebuerg – Beetebuerg – Esch – Däitsch-Oth;
- Linn 70: Lëtzebuerg – Péiteng – Rodange – Lonkech – Attem;
- Linn 90: Sillon Lorraing Lëtzebuerg – Nanzeg.